



Deklaratioun iwwert d'Situatioun an der Ukrain (24.02.2022)

(Dat geschwate Wuert zielt)

Haut ass en däischteren an trauregen Dag fir Europa. D'Stabilitéit an d'Sécherheet an Europa ass a Gefor.

Déi lescht zwee Méint hunn all europäesch Leader an Nato-Alliéiert sech beméit, Russland zur Desescalade z'encouragéieren an op de Wee vun der Diplomatie ze bréngen. Déi militäresch Aggressioun vun der leschter Nuecht géint d'Ukrain huet gewisen, datt Russland de Wee vun de Waffe gewielt huet.

Ech verurteelen dës militäresch Aggressioun staark, sou wéi ech och d'Entscheidung vun e Méindeg vum President vun der russescher Federatioun veruerteelt hunn, den Accord vu Minsk unilateral opzekënnegen, andeems Russland separatistesche Entitéite vun der Ukrain unerkannt huet.

D'EU huet ganz séier reagéiert andeems se gëschter een éischte Pak vu Sanktiounen ugeholl huet, deem 3 Aspekter viséiert:

- Geziilt individuell restriktiv Moosname géint russesch Individuen an Entitéiten, déi an dëser militärescher Aggressioun implizéiert sinn - Visa-Verbuet, Verméigen afréieren.

- Restriktiv Moosnamen am Finanzsecteur, fir den Zougang vu Russland op d'EU-Kapital- a Finanzmäert weider ze beschränken. Konkret wäert et verbuede si Finanzinstrumenter, déi vu Russland, senger Regierung oder senger Zentralbank erausgi ginn, ze kafen.

- den Import an d'EU vu Wueren, déi aus de separatistesche Gebidder Donetsk a Luhansk kommen, déi net vun der ukrainescher Regierung kontrolléiert sinn, wäert verbuede ginn.

Dëst ass nëmmen en éischte Package an d'EU ass prett fir zousätzlech Sanktiounen ze huelen.

Haut den Owend sinn ech zu Bréissel fir eis Äntwert mat eisen europäesche Partner ze koordinéieren, a fir de President Putin opzeruffen, mat dëser militärescher Aggressioun direkt opzehalen. Et wäert wichteg sinn ze definéieren, wéi mir mat Russland ëmgoe wäerten, an och Russland an der Verantwortung ze hale fir seng Handlungen. Mir wäerten och driwwer beroden, wéi mir d'Ukrain a seng Bierger weider ënnerstëtze kënnen.

Ech sinn och haut besonnesch besuergt, datt et wéi esou oft d'Zivilbevëlkerung ass, déi en héije Präis bezilt fir all militäresch Eskalatioun.

Et ass eis éischte Prioritéit, en direkte Waffestëllstand um Terrain z'erreechen, an all néideg Mesuren ze huelen, fir d'Zivilbevëlkerung ze schützen an hir ze hëllefen.

Ech hunn d'Regierung de Moie fir en ausseruerdentleche Regierungsrot zesummegeuerff. Mir hunn an deem Kontext och iwwert d'Energieversuergung vun de Lëtzebuerger Bierger a Betriber geschwat. Mir befannen ons an enger aussergewöhnlecher Situatioun, déi vill Onsécherheete mat sech bréngt. Mir sinn ons an der Regierung eens, datt mir d'Land an d'Leit virun enger geopolitescher Energiedeierecht schütze mussen.

Dofir hu mir decidéiert, den nächste Méindeg en Energiedësch mat de Lëtzebuerger Energie-Fournisseuren anzeberuffen, fir mat hinnen zesummen effikass a séier Léisungen ze fannen.

Gläichzäiteg schafft d'Regierung u konkrete Mesurë fir deene Stéit séier ënnert d'Äerm ze gräifen, déi am meeschte mat der aktueller Präisdeierecht ze kämpfen hunn.

Ech wäert de Mëtten um 14 Auer d'Chamber iwwert de leschte Stand vun den Entwécklungen informéieren, dëst zesumme mam Aussen- an Europaminister Jean Asselborn a mam Verdeedegungsminister François Bausch.

Um 15:30 Auer ass e Gespréich mam ukrainesche President virgesinn. Den Owend ass en ausseruerdentleche Conseil zu Bréissel. Muer de Moien um 10:00 Auer kënn d'Regierung erëm beieneen.

Mir sinn ons bewusst, datt Dir vill Froen hutt, op déi mir am Moment nach keng definitiv Äntwerten hunn. D'Regierung schafft de Moment op allen Niveaue mat onsen europäeschen an internationale Partner zesummen, fir déi beschtméiglechste Léisunge fir d'Mënschen an der Ukrain, an Europa an zu Lëtzebuerg ze fannen.